Luxembourg, le 26 juin 2025

Dépôt : Sven CLEMENT, Piraten

**MOTIOUN**

Respekt vun der Regierung virum Parlament

D'Chamber vun den Deputéierten,

**Vu** d'Verfassung vu Lëtzebuerg notamment den Artikel 2 deen d'Land ënnert eng parlamentaresch Monarchie stellt;

**Vu** den Artikel 62 vun der Verfassung dee seet: "La Chambre des Députés représente le pays. Elle exerce le pouvoir législatif. Elle contrôle l'action du Gouvernement.";

**Vu** den Règlement de la Chambre des Députés virun allem d'Artikelen iwwert parlamentaresch Froen;

**Considereiert** datt d'Kontroll vun der Regierung eng elementar Fonctioun vun engem Parlament ass;

**Considereiert** datt d'Opportunitéit vu parlamentaresche Froen alleng den Deputéierten zousteet am Kader vun hirem gewielte Mandat;

**Considereiert** datt all ingérence vun der Exekutiv an d'Bewäertung vu parlamentaresche Froen eng Attack op d'Separation des pouvoirs an d'Onofhängegkeet vum Parlament ass;

**Bekräftegt:**

1. D'Ausübung vum Recht op parlamentaresch Froen eng onveräußerlech konstitutionell Prerogativ vun den Deputéierten ass;
2. Et net un der Regierung läit, iwwer d'Opportunitéit, d'Pertinenz oder d'Legitiméit vun de Froen ze urteelen, déi vun de Memberen vum Parlament gestallt ginn;
3. De géigensäitegen Respekt tëschent de Gewalten eng fundamental Säil vun eiser Demokratie duerstellt;

**Freet** d'Regierung:

1. Hiren vollen an ganze Respekt virun de parlamentaresche Rechter ze bekräftegen;

2. Sech vun all Kommentar oder Urteel iwwer d'Opportunitéit vun de parlamentaresche Froen ze enthalen;

3. An de reglementaresche Délaien op all parlamentaresch Froen ouni Ënnerscheed ze äntweren.

Sven CLEMENT

Sam Tanson

TAINA BOFFERDING

Marc Baum

Fred Keup